n° 3329

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 17. Dezember 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weider ze leeden.

Am September huet d'Madamm Minister ugekënnegt datt an der 2. Phase vum Large Scale Testing och Anticorps-Tester per Bluttanalyse gemaach gi fir ze kucke wéi vill Leit aus eiser Bevëlkerung scho mam Corona-Virus a Kontakt waren.

An dësem Kontext géife mir gäre folgend Froen un d'Gesondheetsministesch stellen:

1. Wéi vill Anticorps-Tester goufe bis de 15. Dezember gemaach?
2. Wat soen d'Resultater aus?

Här President, mir bieden Iech eisen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Claude Wiseler
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 08:41, 19/01/2021

Luxembourg, le 18 janvier 2021

**Réf. :** 836x1e3dc

**Concerne**: Question parlementaire n° 3329 du 17 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3329 du 17 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant les "Tests anticorps dans le cadre de la pandémie de la Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Paulette Lenert
Ministre de la Santé

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3329 du 17 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen et Monsieur le Député Claude Wiseler concernant les "Tests anticorps dans le cadre de la pandémie de la Covid-19".**

Vum 16. November 2020 bis den 10. Januar 2021 sinn 3.961 Antikierper Tester gemaach ginn. Dobäi sinn 277 positiv Resultater fonnt ginn, wat een Taux de positivité vu 6,99% ausmécht.

An der CON-VINCE Studie déi vun Abrëll 2020 bis Enn Juni 2020 gelaf ass, gouf een Taux de positivité vun 3% bei der Populatioun festgestallt. De Fait dass mir lo bei ëm déi 7% leien, ass déi logesch Konsequenz vun den deeglechen Neiinfektioune vun de leschte Méint. Wann een dëst op eis Populatioun héichrechent si mir bei ëm déi geschaten 44.000 Persounen déi schonns mam Virus a Kontakt waren. Dëst ass relativ kohärent mat de rezenten Zuelen: den 13. Januar 2021 waren insgesamt 48.486 Persounen déi mat PCR positiv op den SARS-CoV-2 getest gi waren. Wann een dovun ausgeet, dass eng Rei Leit keng Antikierper produzéieren oder eben no enger Infektioun schnell d'Antikierper verléieren, géing dat heeschen dass mir vill vun de Persoune getest hunn déi och infizéiert waren, an domat eng relativ kleng Donkelziffer bei den Diagnosen hunn. Déi grouss Unzuel vu PCR-Tester huet sécher een Deel dozou bäigedroen, dass mir de Virus besser an de Gréff kruten.

137-000010-20040525-FR